



Fernand ETGEN  
President vun der  
Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/09/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bildung & Gesondheet weiderzeleeden.**

Fir d'Ausbreedung vun der COVID-19 Pandemie anzedämmen, gëtt vu ministerieller Säit aus e Contact-Tracing gemaach, fir potentiell infizéiert Persounen ze identifizéieren an zäitweileg ze isoléieren. Dobäi ass et wichteg, dass Leit, déi a Kontakt mat enger infizierter Persoun waren, méiglechst séier doriwwer informéiert ginn, fir dass si de Virus net nach weider verbreede kennen. Vill Persounen informéieren hiert Ëmfeld dofir direkt, wann si positiv ob de COVID-19 getest ginn, a warnen déi Persounen, mat deenen si a Kontakt ware fir, éier dës vun der Santé kontaktéiert ginn.

Esou kann et virkommen, dass eng Schouljoffer oder e Schoulmeeschter vun den Elteren doriwwer informéiert gëtt, dass e Kand aus der Klass positiv ob de COVID-19 getest gouf, éier d'Léierpersonal vun der Santé ugeruff kritt. Fir d'Schoulpersonal stellt sech an dës Fäll d'Fro, ob si selwer bzw. hier Direktioun decidéiere kënnen, Klassen temporär vum Presenzunterrecht auszeschléissen, éier si eng Ordonnance vum Minister krut hunn, aus där kloer ervir geet, dass eng Mise en Quarantaine vun de Schüler beschloss gouf. Wann si nämlech decidéieren ze waarden, bis eng offiziell Ordonnance virleit, kéint et zu Situatioune kommen, an deene Schüler, déi sech potentiell bei engem Klassekomerod mam Virus ugestach hunn, nach ee bis zwee Deeg regulär an d'Schoul ginn, well d'Ordonnance fir eng Quarantän net séier genuch ausgesprach gouf, obwuel d'Léierpersonal informéiert gouf. Anerersäits riskéiere si, mat der Decisioun hier Klass zouzemaachen, hier Kompetenzen ze iwwerschreiden an d'Kanner ouni legal Basis vum Schoulunterrecht auszeschléissen.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Huet d'Madamm Ministesch Zuelen iwwert d'Zäit, déi duerchschnëttlech vergeet tëschent deem Moment, wou ë positiivt COVID-19-Testresultat fir eng Persoun virläit an deem Moment, wou all duerch de Contact-Tracing ermëttelt Persounen an Instruktioune kontaktéiert goufen?
2. Gouf et vu ministerieller Säit aus eng Circulaire fir d'Léierpersonal, aus där kloer




[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)

ervirgeet, wéi si reagéiere sollten, am Fall wou si vun Elteren iwwert eng Covid-19-Infektioun an hirem Klass informéiert goufen?

3. Dierfen Titularen decidéieren, ob d'Schüler aus hire Klassen temporär vum Präsenzunterricht ausgeschloss kënnen ginn, wann et eng Infektioun mam COVID-19 an der Klass gëtt, eier eng ministeriell Ordonnance virleiert?

Falls net: Kennt dës Kompetenz nierend dem Minister nach Persoune mat enger Funktioun am Enseignement zou?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven  
Député

